N° 5915
Reçue le 16.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5915 vum 10. Mäerz 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

Ad 1.):
D'Police kann a ville Fäll op de Vëlo zeréckgräifen, sou dat eng exhaustiv Opzielung vun deene Fäll an dësem Kader ze wäit féieren géif. Hei just e puer Beispiller, wou den Vëlo kann agesat ginn:
• statesch Verkéiersposten
• Kontakt mat der Bevëlkerung sichen
• Eskorten oder Begleedung vu sportleche Manifestatiounen

Ad 2):
Am Secteur vun der Staat Lëtzebuerg sinn iwwer 20 Vëloen op déi verschidde Kommissariater verdeelt. An deenen anere Regioune sinn et der tëschent 6 an enger gudder Dosen.
D'Vëloe komme reegelméisseg zum Asaz bei den ënnert Punkt 1) erwänte Missiounen.

Ad 3):
D'Police verfüügt momentan nach net iwwer E-Bikes oder Pedelecs. Et gëtt awer un engem entspriechende Projet geschafft, deen och den domat verbonnenen erweiderten Asazspektrum analyséiert.

Ad 4):
Déi aktuell Dotatioun vun der Police gouf tëscht 2003 an 2010 ugeluecht an ënnerläit engem reegelméissegen Entretien, respektiv gëtt erneiert, wann néideg.

Ad 5):
Den Entretien vun de Policevëloen erfollegt duerch speziell forméiert Motosmechatroniker am Atelier vun der Police. Dëst garantéiert, dass de Vëlospark vun der Police ëmmer an engem gudden techneschen Zoustand ass. D'Heefegkeet vun den Entretiensaarbechten hänkt vum Gebrauch vun de Vëloen of.

Ad 6):
D'Vëlostenue setzt sech, zousätzlech zou der allgemenger Ausrüstung, déi jiddwer Polizist besëtzt, aus folgende spezifeschen Deeler zesummen:
• pantalon bermuda pour cycliste
• souliers cyclistes
• gants cyclistes noirs en cuir-étoffe
• veste anti-pluie (selon la situation météorologique)
• casque unicolore recouvert d'une housse « POLICE ».

Ad 7):
Eng automatiséiert Recherche fir dës Statistik ze liwweren ass leider net méiglech.

Ad 8):
D'Police féiert keng separat Statistiken iwwert d'Asetze vu Vëlospatrullen, soudass et net méiglech ass déi gefroten Donnéen ze liwweren.

Lëtzebuerg, den 16. Mäerz 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX